Engagement bei den LGS

1. Definitiounen

Mir schwätze bei de Guiden a Scoute vun Engagement, Verspriechen, Engagementsfeier, Verspriechensfeier, ... D'Ausdréck hänken zum Deel vun de Branchen of. Mir hun äis op folgend Definitioune festgeluegt:

Mat **Engagement** menge mir eng bestëmmt Haltung, déi een als Mënsch hu kann.

Mat **"Verspriechen ofleën"** oder **"en Engagement huelen"** menge mir den Akt, wou de Jugendlechen/d'Kand sech virun der Unitéit, also der Famill, dem Ruddel, der Trupp, respektiv dem Clan, zu verschiddene Virsätz bekennt. Bei den ënneschte Branchë gët éischter vu Versprieche geschwat, während mir bei den ieweschte Branchen éischter soen: hatt/hien engagéiert sech.

2. Verspriechen a Guidissem/Scoutissem

- Gesetz a Versprieche sin zwar nët déi eenzeg Punkten, duerch déi mir äis vun anere Bewegungen ënnerscheden, mee si si **wesentlech Bestanddeler vum Guidissem/Scoutissem**.

- Fir de B. P. war d'Relioun esou eppes Grondleëndes an Einfaches, datt hien se als gläichbedeitend mat Gléck gesin huet. Deemno as si keng Viraussetzung fir sech ze engagéieren, mee een, dee sech fir eng gutt Saach engagéiert, as, sénger Iwwerzegung no, bewosst oder onbewosst scho **reliéis**.

- Mam Versprieche verflicht sech d'Kand/de Jugendlechen a Richtung vun **den Idealer vum Guidissem/Scoutissem** ze liewen. Hatt/Hien gët ugereegt, **eng perséinlech Versioun vum Verspriechenstext** ze fannen, wou hatt/hien, déi Elementer erauswielt, mat denen hatt/hien eppes ufänke kann.

- D'Verspriechen as en **Ustouss** fir iwwer d'Haltung vun Engagement nozedenken. Et as eng Etapp an der **Progressioun vum Eenzelnen**.

- D'Verspriechen geschitt an der Famill/Ruddel/Trupp/Clan, déi him beim Ustriewe vu séngen Idealer zur Säit stoe soll. D'Verspriechen as also eppes wat an déi **zwou Richtungen** - vu Guide/Scout zur Branche an zréck - geschitt.

3. D'Situatioun vun de Jugendlechen

Fir déi Jugendlech vun haut hun d'Liewesëmstänn geännert am Verglach mat virun z.B. 20 Joer:

- **D'Offer u Fräizäitaktivitéiten huet zougeholl**, de Jugendleche kann tëschent ville Méiglechkete wielen.

- Aktiv LGS-Memberen a Chef/tainen hun dacks nach **aner Fräizäitaktivitéiten** nieft Guiden a Scouten.

- **D'Schoul stellt aner Uspréch**, op den Ofschlossklasse sin si iwwert e ganzt Joer gläichméisseg gefuerdert.

- D'Zuel vun de Lëtzebuerger **Studenten am Ausland** huet zougeholl, dat betrëfft och eis Chef/tainen.

- An der **Beruffswelt sin d'Ufuerderungen** an d'Méiglechkete méi grouss gin.

4. D'Haltung vun de Jugendlechen vis-à-vis vum Engagement

- Eng Rei Studien aus de leschte Joren (wéi z.B. d'SHELL-Studie vun 2002) iwwert d'Engagement vu Jugendlechen stelle fest, datt déi **Jonk genausou bereet wéi fréier sin**, sech ze engagéieren.

- Allerdéngs, an dat as dee wesentlechen Ennerscheed zu fréier, nët méi ënnert denen übleche Konditiounen an nët méi esou an denen traditionellen Institutiounen. Dës Tatsaach an och d'Striewe vum Jonken no **Selbstverwierklechung,** hun handfest gesellschaftlech Hannergrënn (Zwang zur Autonomie, Konsumkultur asw.), déi hie souzesoë forcéieren, esou ze handelen, wéi hien handelt.

- An der däitscher Shell-Studie "Jugend' 02" gët festgestallt, dat d'Haaptmotiver fir dee Jonken, sech ze engagéieren, nët, wéi verschidde Leit mengen, z.B. eng materiell Entschiedegung as. Dës Motivatioun kënnt beim Jonken bal u leschter Plaz. Wesentlech fir hien as, datt **d'Engagement muss Spaass maachen**.

- Zwetens datt hien allzäit muss kënnen "ausklammen", an drëttens, datt hie ka selwer **matbestëmmen**, wat hien mécht.

- Iwwerduerchschnëttlech wichteg as fir hien och, datt Frënn dobäi matmaachen, datt ët ëppes aneschters as wéi an der Schoul/op der Aarbecht, an datt hie **keng Virschrëfte gemaach kritt**.

5. D'Auswierkungen op eise Verband

Fir déi Jugendlech fir en Engagement bei äis ze gewannen musse mir also bedenken, datt si vlaicht manner automatesch en Engagement agin. Konkret musse mir oppassen, datt:

- si **Freed um Engagement vermëttelt** kréien virun allem vun den Branchechef/tainen, Gruppechef/taine, nationalen Equipen a Verbandsresponsabelen;

- si **Vertrauen entgéintbruecht** kréien, och wann emol eppes schif leeft;

- si vermëttelt kréien, datt si mat hirem Engagement **nët eleng** do stin;

- si op en Engagement **ugeschwat** gin an mat hinnen hir perséinlech Méiglechketen duerchdiskutéiert gin;

- si nët den Androck kréien, datt wann si de klenge Fanger gin, hinnen **d'ganz Hand** geholl gët;

- si vermëttelt kréien, datt hir Stëmm zielt an si **matdécidéiere** kënnen.

(Positioun vum Verbandscomité vum 09.07.98)

Verspriechen resp. Engagement bei de verschiddene Branchen

	Biber	**Wëllefcher**	**AvEx**	**CaraPio**	**RaRo**
	Verspriechen	Verspriechen	Verspriechen	Engagement	Engagement
Orientéierung oder konkret Saach ?	engagéiert sech bei allem matzemaachen, sou gutt wéi et geet	éischter Orientéierung	éischter Orientéierung	Orientéierung, engagéiert sech fir an der Trupp matze-schaffen	Orientéierung, Meditatioun iwwer déiperséinlech Haltung zum Engagement
Zäitpunkt	2. Trimester an der Branche	zum Schluss vum éischte Joer	no wéinstens engem Joer	'tas kee präzisen Zäitpunkt festgeluegt, mee no wéinstens enger Entreprise an engem WE	no 1 Joer Clanliewen
Form	Am Kader vun engem Fest, dat wa méiglech mat der éischter Sortie vun der Biberfamill verbonne gët, Foulard als Zeeche vum Engagement	Eng Feier. Den Text gët entweder zesummen oder vu jidferengem eenzel gelies.	feierleche Kader, an der Trupp, gët eenzel ofgeluegt	feierleche Kader, an der Trupp, gët eenzel ofgeluegt	RaRowuecht, Parcours duerch d'Nuecht, deen individuell gemach gët a wou deen Eenzelnen op verschiddenen Etappen Ustéiss zum Thema kritt
Virberedung	An der Biber-Famill, och duerch de Motto, deen d'Biber-Famill sech sicht	an der Meute (Versammlung)	an der Trupp (Versammlung)	An der Trupp driwwer schwätzen, Gespréich mam Chef/taine, sech Gedanke maachen	geschitt während der Rarowuecht
Text	Konkret Fro vum Chef/taine un de Biber z.B. "Méchs du mat bei de Biber, häls d'Regelen an, hëllefs de an deels ?" - Äntwert matt "Jo" - Klappen - ...	Eng Propose läit vir, kann awer ëmgeännert gin	Eng individuell Versioun soll, mam offiziellen Text als Virlag, ausgeschafft gin	Den Eenzelne soll säin egenen Text, mam offiziellen Text als Virlag, op séng perséinlech Astellung hi formuléieren	Den offiziellen Text as eng Orientéierung fir eng individuell Versioun vum Text
Spillt d'Gesetz eng Roll dobäi ?	Jo, duerch de Motto	D'Punkte vum Gesetz kommen am Verspriechenstext vir	D'Punkte vum Gesetz kommen am Verspriechenstext vir	Déi verschidde Punkte vum Gesetz gin ernimmt	Et gët un d'Ziler vum Verband erënnert

Gemeinsam fir all Branche as:

- d'Verspriechen/Engagement gët eng Kéier pro Branche gemaach,
- d'Verspriechen/Engagement as fraiwelleg (et gët awer bei de Biber a Wiwel ugeholl, datt si et matmaachen),
- d'Verspriechen/Engagement huet keng Konsequenz op d'Matbestëmmungsrecht,
- et gin och soss keng Sanktiounen oder Nodeler fir deen, dee kee Verspriechen ofleet,
- déi d'Verspriechen/Engagement maachen, kréien en Ofzeechen iwwerreecht.